# OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV STENGEFORT /// **JANUAR 2016**

## /// 3 FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER JEAN-MARIE WIRTH





*Cité de l'Usine, Steinfort*

**OdP: Här Wirth, 2015 war e markant Joer, dat ville Leit wäert an Erënnerung bleiwen. Kënnt dir eis 3 perséinlech positiv an negativ Punkten aus dem Joer 2015 opzielen?**

J-M Wirth: Als positiv Punkte wéilt ech déi folgend ervirhiewen: Mir hunn et zu Stengefort fäerdegbruecht, fir eng regional Epicerie sociale opzemaachen, wou mir mat de Gemengen aus der Regioun zesummeschaffen. Da wier déi regional Zone artisanale zu Grass ze nennen, wou mir groussen Zoulaf vun Entreprisen hunn, déi sech wëllen do nidderloossen. Last but not least, den Dynamismus vun der gudder an effizienter Aarbecht an eiser CSV-Equipe am Gemengerot, wou ëmmer d'Liewensqualitéit vun de Bierger aus der Gemeng Stengefort am Virdergrond steet.

Op der negativer Säit kommen ech net laanscht d'Attentater vu Paräis an de weltwäiten fanateschen Terrorismus, deen ëmmer méi zouhëlt. Op nationalem Plang bekloen ech d'„Lourdeur administrative" a verschiddene wichtegen Dossieren. Als besonnesch bedaurenswäert ëmfannen ech d'Ukënnegungen Enn 2015, fir de Postbureau zu Klengbetten an de Policekommissariat zu Stengefort zouzemaachen an d'Gare vu Klengbetten ofzerappen. Do gi vun uewen erof Decisioune geholl, déi d'Gemeng virun e „fait accompli" setzen an déi kee gudden Impakt op d'Liewen an eisen Dierfer hunn.

**OdP: Wéi hutt Dir dann an de Fäll vun der Post a vum Policekommissariat reagéiert?**

J-M Wirth: Ech hunn direkt bei den zouständegen Instanzen intervenéiert, mëndlech a schrëftlech. Am Fall vun der Post hu mir nach de selwechten Dag Bréiwer un de Postdirekter an un Commission économique vun der Chambre des députés geschriwwen. Mir hunn elo Ufank 2016 e Rendezvous mat de Responsabele vun der Post, fir mat hinnen ze kucken, wéi mir zu Klengbetten e Postservice kënnen erhalen.

Am Dossier vum Policekommissariat hate mir schon 2014 e Bréif un den Direkter an un den zoustännege Minister E. Schneider geschriwwen. Leider hu mir bis haut nach keng Äntwert dodrop krut.

Am Oktober 2015 hu mir dunn nach emol e Bréif un déi 2 Hären geschriwwen a mir kruten de 15. Dezember eng Äntwert vum Minister, mat der Conclusioun, dass hien nach keng konkret Ausso maache kéint. Nëmmen 3 Deeg méi spéit, de 17. Dezember ass op RTL annoncéiert ginn, dass de Stengeforter Kommissariat géif zougemaach ginn. Dëst ass fir eis nët nozevollzéien, well esouwuel de Minister E. Schneider, wéi och den Inneminister Kersch gesot a geschriwwen hunn, dass kee Kommissariat géif zougemaach ginn, géint de Wëlle vun de Gemengeresponsabelen.

De Schäfferot huet elo Ufank Februar e Rendezvous mam Minister E. Schneider, wou mir wäerten drop bestoen, dass de Policekommissariat zu Stengefort bleift a verstäerkt gëtt. Mir hoffen, dass de Minister zu senge Wierder wäert stoen.

**OdP: Här Wirth, wat sinn déi grouss Projeten, déi dir fir 2016 virgesitt?**

J-M Wirth: 2016 wäert gezeechent sinn duerch eng Abberzuel vu wichtege Projeten fir eis Gemeng.

E puer stiechen der besonnesch an d'An: D'Renovatiounsaarbechten an der Villa Collart an den Ausbau vun der Maison Relais stinn zesummen schonns mat iwwer 6 Mio € am Budget.

Donieft sinn eng ganz Rëtsch wichteg Infrastrukturaarbechten geplangt,

## /// 3 QUESTIONS AU BOURGMESTRE JEAN-MARIE WIRTH






*Extension de la Maison Relais*

Stroossen, Kanal, Waasser, Gaz, asw. Dës sinn néideg a wäerte mat iwwer 4 Mio € zu Buch stoen.

Hei wëll ech drop hiweisen dass de grousse Chantier zu Klengbetten ganz gutt weidergeet an dass d'Delaien agehale ginn.

Zu Stengefort gëtt de Chantier an der Cité de l'Usine 2016 ofgeschloss.

Aner Projeten sinn d'Rëmopbaue vun engem Kloterpark an de Kaf an den Erhalt vum Schwaarzenhaff am Stengeforter Bësch.

Mir wäerten 2016 vill Aarbecht kréien... Aarbecht, déi ech gären a mat ganzem Asaz maachen.

**OdP: Merci Här Wirth, fir dësen Interview**

***OdP: Monsieur Wirth, 2015 a été une année remarquable qui restera gravée dans la mémoire des gens. Pourriez-vous nous citer 3 faits positifs et négatifs qui vous ont personnellement marqués en 2015?***

*J-M Wirth: Du côté positif je voudrais exprimer ma satisfaction sur le fait que nous avons réussi l'ouverture de l'épicerie sociale régionale à Steinfort, résultat de la coopération avec les communes de la région. En deuxième lieu, nous pouvons nous féliciter de l'avancement des travaux dans la zone artisanale régionale à Grass et le grand intérêt montré par des petites et moyennes entreprises pour venir s'y établir. Last but not least, je suis fier du dynamisme et de la bonne coopération de notre équipe du CSV au conseil communal, avec au premier plan le souci de tous nos conseillers pour le maintien de la qualité de vie de tous les habitants de nos villages.*

*Du côté négatif je ne pourrais me passer d'évoquer les attentats de Paris et le terrorisme fanatique qui ne cesse de prendre de l'ampleur. Au plan national je déplore la «lourdeur administrative» de l'Etat qui nous freine dans pas mal de dossiers. Fin 2015 j'ai dû faire face à une grosse déception avec les annonces des fermetures du bureau de poste de Kleinbettingen et du commissariat de police de Steinfort, sans parler de la décision des CFL de vouloir démolir de manière définitive le bâtiment de la gare de Kleinbettingen. Ces décisions prises par certaines autorités, placent la Commune devant des faits accomplis et auront un impact peu positif sur la vie quotidienne dans nos villages.*

***OdP: Quelle a été votre réaction face aux annonces des fermetures du commissariat de police et du bureau de poste?***

*J-M Wirth: Je n'ai pas tardé à intervenir directement auprès des instances compétentes. Le jour de l'annonce de la fermeture du bureau de poste de Kleinbettingen, nous avons adressé des courriers au directeur des P&T et à la Commission économique de la Chambre des députés. Début 2016 nous aurons une entrevue avec les responsables des P&T afin de sonder comment nous pourrions maintenir un service postal à Kleinbettingen.*

*Au niveau du commissariat de police nous avions déjà adressé en 2014 (quand les premières rumeurs d'une fermeture se faisaient entendre) des courriers au directeur de la Police et à Monsieur le ministre E. Schneider. Malheureusement ces courriers n'ont jamais reçu de réponses.*

*En octobre 2015 nous avons adressé à nouveau des courriers aux mêmes destinataires. Les réponses à ces courriers (15 décembre) nous informaient qu'à ce stade ni le directeur ni le ministre ne pourraient faire des déclarations concrètes.*




*Le bureau de poste de Kleinbettingen*

*Seulement 3 jours plus tard, RTL diffusait la nouvelle que le commissariat de Steinfort serait voué à la fermeture.*

*Cette annonce est difficilement compréhensible, d'autant plus que les ministres M. E. Schneider et M. Kersch avaient déclaré qu'aucun commissariat de police ne serait fermé contre la volonté des autorités communales locales.*

*Villa Collart, Steinfort*



*Le ministre E. Schneider a accordé une entrevue au collège échevinal de Steinfort pour février 2016. La position des autorités de Steinfort sera claire et sans équivoque : une fermeture du commissariat de police de Steinfort est hors question et un renfort des effectifs s'impose. Nous espérons que le ministre tiendra parole.*

***OdP: M. Wirth, quels sont les grands projets que vous comptez aborder et clôturer en 2016?***

*J-M Wirth: 2016 sera marquée par un grand nombre de projets vitaux pour notre commune.*

*Les travaux de rénovation de la Villa Collart et l'extension de la Maison Relais sont à eux seuls chiffrés à 6 Mio € au budget.*

*De grands travaux d'infrastructures vont être réalisés: réfection du réseau routier, canalisation, réseau d'eau potable, réseau de gaz, etc. Ces travaux sont urgents et importants pour le développement futur de la commune et sont comptabilisés à plus de 4 Mio €.*

*Je voudrais notamment faire référence au grand chantier de Kleinbettingen qui avance très bien et dont les délais sont actuellement très bien respectés.*

*L'autre grand chantier à la Cité de l'Usine à Steinfort sera définitivement clôturé en 2016.*

*D'autres travaux d'envergure sont la réinstallation d'un parc accrobranche à Steinfort et les travaux de conservation au Schwaarzenhaff, une fois les actes d'acquisition signés.*

*En 2016 nous ne serons pas en manque de travail ... un travail que je fais avec plaisir et avec tout mon engagement.*

***OdP: Merci M. Wirth, pour cette interview***

## CLAUDIO CERQUEIRA



Claudio Cerqueira (40) de Kleinbettingen s'engage depuis un an dans la section du CSV de Steinfort.

Dans son quotidien en tant qu'infirmier cadre soignant, Claudio est un professionnel confirmé de la santé. Ses compétences professionnelles et ses capacités à gérer une équipe lui ont valu d'être nommé chef d'unité d'onco-hématologie au CHL.

En privé, Claudio aime profiter de sa vie en famille; il est marié et est père d'une petite fille. Depuis quelques années il est un des représentants des parents d'élèves au sein du comité de l'Ecole fondamentale de Steinfort.

Cette expérience l'a inspiré de s'engager davantage dans la commune, car pour lui : «Se sentir bien dans une ville avec des valeurs sociales contribue à une vie épanouie».

Une affirmation qui résume parfaitement la motivation de son engagement.






www steinfort.csv.lu

facebook.com/pages/CSV-Steinfort

## DEBORAH DELLA PENNA



Déborah Della Penna (29) habite à Hagen. Elle est assistante sociale de métier et par conviction.

Sa vocation pour le social l'a menée à s'engager au niveau local. Depuis un an elle est membre de la commission des jeunes de la commune.

Le domaine de la politique l'intéresse et elle veut s'y investir en tant que jeune femme.

Depuis peu elle a adhéré à la section du CSV de Steinfort parce qu'elle est motivée de s'engager pour sa commune et pour les citoyens. Elle ne cache pas son dévouement particulier pour les jeunes.

Pour Déborah, l'aspect humain et social est très important pour notre vie communautaire et elle perçoit son engagement politique comme un outil important pour contribuer à développer davantage cet aspect au quotidien.

## /// NEIJOERSPATT 2016

Le 17 janvier 2016 nous avions invité à notre Pot de Nouvel An traditionnel au centre Al Schmelz à Steinfort. Parmi nos invités nous étions ravis de pouvoir compter des représentants d'associations locales, des habitants de la commune de Steinfort, des amis des sections CSV des communes voisines et de la circonscription sud. Ce moment convivial fut pour nous tous et surtout pour nos représentants au conseil communal l'occasion de discuter des sujets d'actualité et du quotidien.

**Danielle Thill**
Présidente CSV Steinfort













## /// LE COMITÉ DE LA SECTION (DE GAUCHE À DROITE)



*1ière rangée: Jean-Marie Wirth (bourgmestre), Claudio Cerqueira, Tom Matarrese (conseiller communal), Déborah Della Penna (secrétaire ff.), Anne Houllard (échevine), Amélie Schmit (vice-présidente), Bénédicte Janne (conseillère communale), Gritty Feiereisen-Goebel, Danielle Thill (présidente) 2ième rangée: Marco Majerus, Paul Oswald, Fernando Ribeiro, Paul-Marie Majerus (vice-président), Rafael Gomes (secrétaire), René Strotz (trésorier), Georges Zeimet (conseiller communal), manque sur la photo: Roland Kugener*

## BILAN 2015 ///

### LE 26.02.2016 À 20H00

### SALLE PAROISSIALE
**ENTRE HAGEN ET KLEINBETTINGEN**

Jean-Marie Wirth présentera le bilan 2015 du travail du CSV au collège échevinal et au conseil communal.

Manifestation ouverte à toute personne intéressée !

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Stengefort